



**Leitfuedem
fir
Lëtzebuergesch als Friemsprooch
an der Erwuessenebildung**

A2

Index

- Wat ass en A2?	3
- Virwuert zum Leitfuedem	4
- Didaktesch Iwwerleeungen zum Niveau A2	5
- Léierziler A2	7

A2

Töschen- oder Iwwerliewensniveau

Wat ass en A2?

Den Niveau A2 beschreift alldeeglech an heefeg sozial Handlungen (wéi Héiflechkeetsforme benotzen oder kuerz Kontaktgespréicher féieren) a Sproochhandlungen fir einfach Aktiounen (wéi zum Beispill beim Akafen oder beim Reesen). Eng aktiv Bedeelegung u Gespréicher ass méiglech, heiansdo mat e puer Aschränkungen an dacks mat Ënnerstötzung. De Lexique besteet aus Vocabulaire aus vertrauten Themeberäicher, dee benotzt gëtt bei alldeeglechen Aktivitéiten an a vertraute Situatiounen.

A punkto Grammatik gi schonn einfach Structure korrekt benotzt, et dauchen awer nach dacks systematesch elementaire Feeler op.¹

Niveaubeschreibung A2:

Ka Sätz an heefeg gebrauchten Ausdréck verstoen, déi mat Beräicher vu perséinlecher Bedeitung zesammenhänken (z.B. Informatiounen iwwer d'Persoun, iwwert d'Famill, d'Akafen, d'Aarbecht, d'Ëmfeld)

Ka sech an einfache Routinesituatiounen verstännegen, an deenen et ëm en einfachen an direkten Austausch vun Informatiounen iwwer bekannten a geleeft Saachen/Theme geet.

Ka mat einfache Mëttelen iwwer seng/hir Originen, Ausbildung, säin/hiert Ëmfeld, a Saachen am Zesammenhang mat wichtege **Bedierfnesser** schwätzen.²

¹ Quell: *PROFILE Deutsch: Gemeinsamer Europäischer Referenzrahmen. Lernzielbestimmungen, Kannbeschreibung, kommunikative Mittel*. Glaboniat M., Müller M., Rusch P (Langenscheidt, 2005)

² Quell: *PROFILE Deutsch: Gemeinsamer Europäischer Referenzrahmen. Lernzielbestimmungen, Kannbeschreibung, kommunikative Mittel*. Glaboniat M., Müller M., Rusch P (Langenscheidt, 2005)

Virwuert

Zënter den 90er Jore leeft de Projet vum Europarat de Friemsproochenunterricht europawäit homogen opzebauen an ze glidderen. Mat der Publikatioun vum „CADRE EUROPÉEN COMMUN DE RÉFÉRENCE“ (CECR) am Joer 2000 gouf et dunn en Instrument, wou d’Niveaue fir déi verschidde sproochlech Kompetenze beschriwwe sinn. D’Ziler vum Kader sinn europawäit Eenheetlechkeet a Koordinatioun am Apprentissage an Enseignement vun alle Sproochen an Transparenz an der Evaluatioun an Zertificatioun vun de Friemsproochen z’erméiglechen.³

Dëse Classeur gouf konzipéiert fir de Lëtzebuergesch-Enseignanten d’Niveaue vum Kader méi no ze bréngen. En enthält zwee vunenaner ofgesaten, komplementär Segmenter, de **Leitfuedem** an d’**Kannbeschreibungen A1 an A2**.

De Leitfuedem fir Lëtzebuergesch als Friemsprooch an der Erwuessenebildung ass als konkret Hëllefsmëttel, fir de Cours opzebauen, konzipéiert. Hei fënnt den Enseignant/d’-e déi kommunikativ Léierziler fir e bestëmmten Niveau vum CECR, d’Ënnerziler a fir den Niveau A1 an A2 och nach den Hiwäis, wéi e Vocabulaire bzw. wéi eng Grammaire op deem Niveau dem Schüler de Moyen gëtt fir dat Léierzil z’erreechen.

D’Léierziler kënnen, besonnesch vum Niveau A1.2 un, jee nodeem wéi de Cours opgebaut gëtt, zu verschidde Zäiten am Cours agesat ginn.

Elementer, déi schonn eng Kéier an engem bestëmmte Léierzil ernimmt gi sinn, ginn am Folgenden an der Lëscht net méi explizit widderholl.

D’Vitesse vum Apprentissage hänkt vu ville Facteuren of. Dozou gehéieren d’Mammesprooch, d’Léierkultur, déi verschidde Léiergewunnechten an d’Motivatioun vum Apprenant.

³ Europarat/ Rat für kulturelle Zusammenarbeit: „**Gemeinsamer europäischer Referenzrahmen für Sprachen: lernen, lehren, beurteilen**“ Hg. u.a. Goethe-Institut Inter Nationes. – Langenscheidt: Berlin, München, Wien, Zürich, New York 2000 u. 2001 (dt. Fassung) / ISBN 3-468-49469-6, S. 35 ff. (Iwwersetzung : Grupp « Referentiel » CLL / INL) **GERS**

Didaktesch Iwwerleeungen zum Niveau A2

Den A1 an A2 bilden zesammen den Niveau "elementare Sprachverwendung"⁴. Dobäi stellt den A2 de sougenannten "Tëschen- oder Iwwerliewensniveau"⁵ duer. Fir den Enseignant ass et also wichteg bei dësem Niveau am A ze behalen, dass et ëm *einfach* sproochlech Aktivitéite geet. Et handelt sech ëm d'Vermëttlung an d'Verstoe vun Informatiounen oder d'Reaktioun dorop. Thema ass alles, wat d'Persoun an hirem alldeeglechen Ëmfeld direkt ugeet.

De *Leitfuedem fir Lëtzebuergesch* ass eng Synthes vun den Descripturen aus dem GERS/CECR an hirer konkreter Ëmsetzung a *Profile Deutsch* an dem *Référentiel pour le Cadre Européen Commun*. E representéiert d'Resultat vun dëse Recherchen, net d'Meenung vun den Auteuren.

Zënter der Publikatioun vum CECR am Joer 2000 sinn an Europa eng grouss Zuel vu Sproochléierbicher op de Maart komm, déi sech ënnertenee staark ënnerscheiden, virun allem wat déi grammatesch Inhalter an d'Progressioun ugeet, obwuel si awer all den Usproch hunn, de gemeinsamen europäesche Referenzkader fir Sproochen ëmzesetzen. Doru weist sech den Interpretatiounsspillraum, wat d'Fëllung vum Referenzkader mat konkreten Inhalter ugeet.⁶

Och dem Benotzer/ der -in vum *Leitfuedem* ass et natierlech virbehalen, de Léierplang an de konkrete Klassen mat anere Situatiounen oder alldeeglechen Themen ze fëllen, déi de Besoine vun de Klasse besser entspriechen. D'Situatiounen am *Leitfuedem* stellen eng Auswiel vu méiglechen Alldagssituatiounen duer, déi net all mussen duerchgeschafft ginn. Si konkretiséieren d'Léierzil, si sollen als Zil an als Schlussaktivitéit vun engem Cours agesat ginn.

Den A2 ass an 2 Deeler opgedeelt:

A2.1 ca. 120 Stonnen

A2.2 ca. 120 Stonnen

A2 (komplett) ca. 240 Stonnen⁷.

D'Léierziler sollte chronologesch duerchgeholl ginn, well am Opbau vun der Grammaire an dem Lexique eng Progressioun enthalen ass. Dobäi kann awer d'Léierzil *Seng Virléiften a seng Meenung ausdrécken* schonn éischter an aner Léierziler integréiert ginn.

⁴ Glaboniat, Müller, Rusch, Schmitz, Wertenschlag: *Profile deutsch. Lernzielbestimmungen, Kannbeschreibungen, Kommunikative Mittel*, Niveau A1. A2. B1. B2 — Langenscheidt: Berlin, München, Wien, Zürich, New York.

⁵ *Référentiel des contenus d'apprentissage du FLE* en rapport avec les six niveaux du Conseil de l'Europe, a l'usage des enseignants de FLE.- Alliance Française, CLE International: Paris 2008

⁶ vgl. *GERS*, Kap. 8.3, S. 165-168. De Léierplang kann je no Schoultyp an Niveau variéieren: Primaire oder Secondaire bzw. Erwuessebildung, berufflech Formatioun etc. bidden dem Public entspriechend verschidde kulturell an inhaltlech Schwéierpunkten a Modulen un.

⁷ Dës Stonnenzuel stellt e Schätzwäert duer, well eis keng verbindlech Zäite virlouvchen. D'Auteure freeë sech op de Feedback vun den Enseignanten.

Den erwuessenen Apprenant huet am Alldag de *Besoin* eppes z'erklären oder zäitlech ze situéieren. Deem gëtt am däitsche Referentiel **Profile** Rechnung gedroen, sou dass d'*Konjunktioun well a wann* an hirer elementaarster Form op eng einfach Manéier agefouert a geübt ginn.⁸

Ee Virdeel dovunner ass, dass d'Apprenantë méi laang Zäit kréien, fir sech mat deene sproochleche Strukturen ausenannerzesetzen. Dës Strukturen, déi fréier eréischt am B1 agefouert goufen, wat oft zu enger iwverflächlecher Fixéierung a séierem Vergiess gefouert huet, kënnen op déi Manéier am Niveau B1 scho **widderholl**, ausgebaut a gefestegt ginn. Am Sënn vun enger didaktesch nohalteger Approche kritt den Apprenant déi fir Lëtzebuergesch charakteristisch Phänomener fréi genuch gebueden fir sech dermat ze familiariséieren.

En anere Virdeel läit doran, dass d'Apprenantë vun Ufank un de **Moyen** kréien, hir kommunikativ Besoine rudimentär mä **richteg** ëmzesetzen, ouni dass si provisoersch falsch Strukturen bilden, déi sech da festsetzen. Seng Strategie hëlleft dem Debutant zwar sech ze verstännegen, mä de Risiko, dass déi feelerhaft Ausdrockswais fossiliséiert, ass bei Apprenantë vum Lëtzebuergesch, vun deenen e groussen Deel scho während oder no dem Niveau B1 ophält, besonnesch grouss.

D'Equipe vum INL hofft den Enseignantë mam **Leitfuedem** fir den Niveau A2 en Instrument an d'Hand ze ginn, dat beim Ausschaffe vun hire Lëtzebuergesch-Coursen e gudden Déngscht leeschte kann.

Fir Commentairen, Iddien a Virschléi steet dës E-Mail-Adress zur Verfügung: cocr_lb@insl.lu.

⁸ Hei kann z. B. just de Sazbau trainéiert (*well/wann* mam konjugéierte Verb um Schluss)- an en éischte wäertvollen Automatissem installéiert ginn, ouni dass een op komplex Strukturen, Haaptsaz/ Niewesaz oder Haaptsaz/ Niewesaz mat Inversioun, anzege brauch.

Léierziler A2

A2.1

- 1) Op eng einfach Manéier an aldeegleche Situatiounen e Wonsch ausdrécken an Informatiounen froen a verstoen
- 2) Mat einfachen Ausdréck Persounen beschreiwen
- 3) Mat einfachen Ausdréck vu sengem direkten Ëmfeld schwätzen
- 4) En detailléierten Dagesoflaf op eng einfach Manéier beschreiwen
- 5) Mat einfache Wierder iwwer seng Gesondheet schwätzen

A2.2

- 6) Seng Projeten an hir Organisatioun op eng einfach Manéier beschreiwen oder erklären
- 7) Seng Virléiften a seng Meenung op eng einfach Manéier ausdrécken
- 8) Einfach Informatiounen iwwer Evenementer a perséinlech Erliednesser ginn a verstoen
- 9) Einfach Instruktiounen ginn, Verbueter ausschwätzen a verstoen
 - A) Am private Beräich
 - B) Am öffentleche Beräich

1. Léierzil : Op eng einfach Manéier an aldeegleche Situatiounen e Wonsch ausdrécken, no Informatiounen froen a reagéieren

- An aldeegleche Situatiounen, z.B. a Geschäfte, am Restaurant, op der Post, op der Bank asw. handelen a reagéieren
- Informatiounen am öffentleche Beräich froen (an enger Stad, an engem Guichet, Reesbureau asw.) an drop reagéieren
- Virschléi / Propositionen maachen an drop reagéieren

A Méiglech Situatiounen

An engem Restaurant no eppes froen. (Menu, Wäikart, Explikatiounen iwwer e Plat, Toiletten)	(MA /HV)
An engem Restaurant no de Suggestiounen vum Dag froen.	(MA/HV)
Am Restaurant mat Frënn d'Ësse bestellen an d'Rechnung froen.	(LV/ MA /HV)
Am Bistro d'Gedrénks verdeelen.	(MA/HV)
Op der Post Timbere kafen (e Pak fortschécken, ...).	(MA /HV)
Op der Bank eng Iwwerweisung maachen (e Kont opmaachen, - zoumaachen, Suen op de Kont setzen).	(LV/SA/MA/HV)
Am Bancomat Suen ophiewen (Mini-Cash lueden....).	(LV)
An enger Hotelsrezeptioun no engem Zëmmer froen. (nom Schlëssel, no den Iessenzäiten)	(MA/HV)
Per E-Mail en Hotelszëmmer buchen.	(SA/LV)
Am Hotel e Formulaire ausfüllen.	(SA/LV)
Reklammen um Radio verstoen.	(HV)
Beim Bäcker fir de Moieskaffi verschidden Zorte Brout (asw.) kafen	(MA/HV)
Am Buttek de Präis verstoen, wann e mëndlech genannt gëtt.	(HV)
Sech op der Gare iwwer Zuchverbindungen a Präisser renseignéieren.	(MA/HV)

B Lexique

Widderhuelung vu Geschäfte a Saachen, déi een do kritt ⁹ (fakultativ)
Aldeeglech Gebrauchsgéiggestänn (*Teller, Glas asw.*)
Verschidde Plazen a Servicer, déi een do kritt: (Restaurant, Café, Bank, Post, Biergeramt, Gemeng, Hotel, ...)
Adjektiver fir de Geschmaach vun de Saachen ze beschreiwen
Transportmëttelen

C Grammaire

Widderhuelung: Jo-Neen-Froen (Entscheidungsfroen) a W-Froen (z.Bsp.: *wou, wéini*)
Widderhuelung: Negatioun vum Substantiv: *keen-keng*
Imperativ vu *ginn, goen* ...

⁹ Vgl. Léierzil 2: Persounen beschreiwen“. D'Kleedergeschäft an den entspreche Vocabulaire kënnen och op dëser Plaz duerchgeholl ginn.

Modalverben:

Kann ech d'Kaart kréien, w.e.g.?

Wëllt Dir...?

Héiflechkeetsconditionnel:

Widderhuelung: *Ech hätt gär eppes.*

nei: *Ech géing gär eppes maachen.*

Personalpronomen am Akkusativ no *fir* an *ouni*, ...

fir mech , dech, hien , hatt ...

Einfach Konjunktioonen: *an, mä , oder*

D Textzorten

Verkaufsgespréich, Dialog op der Bank/op der Post/ am Restaurant asw., Internet, E-Mail, Radio, Tële, Menuskaart, Zuchhoraire, Reklamm, Duerchso am Supermarché/op der Gare/am Zuch

2. Léierzil : Mat einfachen Ausdréck Persoune beschreiwen

- D'Ausgesi vun enger Persoun beschreiwen
- De Charakter vun enger Persoun beschreiwen

A Méiglech Situatiounen

Eng Persoun beschreiwen, no deeër een op enger Party / Versammlung sicht.	(MA/HV)
An engem Supermarché eng Duerchso verstoen, wou eng Persoun gesicht gëtt.	(HV)
E Steckbréif vun enger Persoun verstoen a maachen.	(LV/HV/SA)
Eng Vermësstenannonce um Radio verstoen / opginn.	(HV/SA)
Iwwer eng Persoun aus der Famill, aus dem Bekanntekrees schwätzen.	(MA)
Engem gudde Bekannten deen neie Frënd / déi nei Frëndin beschreiwen.	(MA)
Mäin ideale Partner beschreiwen / Meng ideal Partnerin	(MA/SA)
Partnerannoncé liesen an opsetzen.	(LV/SA)

B Lexique

De Kierper (Kierperdeeler)
D'Ausgesinn (d'Gesicht, d'Hoer, d'Gréisst)
D'Kleeder
Adjektiver fir d'Kleeder, d'Ausgesinn an d' Gesondheet ze beschreiwen
Adjektiver fir de Charakter einfach ze beschreiwen (*léif, arrogant, éierlech,...*)
D'Famill

C Grammaire

Trennbar Verben: *undoen, ausdoen, unhunn, umoossen*

Adjektivdeklinatioun am Nominativ (= Akkusativ)

Hien huet blond Hoer, e schwaarze Plower an eng gro Box un.

Adverbe fir e Verhältnes zur Norm unzeginn:

ze al, ze déck, net ...genuch

Steigerung:

schéin, méi schéin (wéi), am schéinsten

gär, léiwer (wéi), am léifsten

gutt, besser (wéi), am beschten

Demonstrativartikel a-pronomen: *dësen - deen*

Huelt Dir dësen ... (oder deen)?

Possessivartikel a – pronomen (am Nominativ an Akkusativ):

Seng Hoer si blond. Meng si brong.

D Textzorten

Steckbréif, Annonce, Wunnengsannonce, Prospekt, Katalog, Gespréich, Dialog,
Zeitungartikel, Radios- an Tëleesemissioun, Internet

3. Léierzil : Mat einfachen Ausdréck vu sengem direkten Ëmfeld schwätzen

- SÄi Wunnuert/ Quartier beschreiwen
- Seng Wunneng lokaliséieren a beschreiwen, d'Virdeeler an d'Nodeeler opzielen, vergläichen
- Seng Heemecht mat einfache Wierder beschreiwen
- Seng Aarbechtsplaz beschreiwen
- Iwwer seng Hausdéiere schwätzen
- An dese Kontexter (Wunnuert, Wunneng, ...) iwwer Flichten a Rechter schwätzen
- Seng Decisioune kuerz an einfach erklären

A Méiglech Situatiounen

Eng Wunneng /en Zëmmer sichen (Annoncë liesen a verstoen).	(LV)
Eng Wunneng kucke goen, Gespréich mam Proprietaire / Agent féieren.	(HV/MA)
Am Gespréich mam Partner/ mat der Partnerin déi Wunneng, déi ee gesinn huet, beschreiwen a vergläichen. ¹⁰	(HV/MA)
E Besuch bei enger Frëndin am neien Haus /an der neier Wunneng.	(HV/MA)
Engem Kolleg d'Lokalitéit, wou ee wunnt, beschreiwen an hir Vir- an Nodeeler opzielen.	(MA/SA)
Seng Wunnengsariichtung beschreiwen.	(MA/HV)
Seng Dramwunneng beschreiwen.	(MA/HV)
Engem explizéieren, wéi een den Dësch deckt.	(MA/HV)
SÄi Quartier beschreiwen.	(MA)
Einfach Renseignement iwwer dat eegent Land ginn an op engem Kolleg seng Aussoen iwwer säin Heemechtsland reagéieren.	(MA)
D'Déiererubrik um Radio/Zeitung verstoen.	(HV/LV))
E kuerze Steckbréif fir säi vermësstent Hausdéier opsetzen.	(SA)
Mat e puer Argumenter erklären, firwat e Liewe mat/ouni Hausdéier besser ass.	(MA/SA)

B Lexique

D'Haus (einfach Haisertypen, Zorte vu Wunnengen, d'Zëmmeren)
D'Ariichtung (Miwwelen an Dekoratioun)
Alldeeglech Gebrauchsgéigestänn (Widderhuelung / Verdéiwung: z.B. *Teller, Glas, Spullmaschinn, asw.*)
D'Déieren (Haus- an e puer wëll Déieren)
D'Wunnagéigend
Vocabulaire an Ofkierzunge vun den Immobilienannoncen, z. B. d'Verben: *lounen, verlounen plënneren*

¹⁰ vgl A2,2: De Wee dohinner erklären, als **aktiv** Kompetenz, kënnt am 9. Léierzil, *Einfach Instruktiounen ..*

C Grammaire

Positiounsverben: stoen, leien, hänken ...:

De Stull steet beim Däsch.

D'Messer läit riets.

Den Dativ no de Positiounsprepositiounen:

an, op, bei, ënner, niewen, tëschen, iwwer, virun, hanner (wou?)

fir ze + Infinitiv

Komparativ: *méi grouss wéi, méi schéi wéi, manner ...*

Modalverben: *mussen* (absolut Obligatioun), *däerfen* (Erlaabnes), *net däerfen* (Verbuet)

Aféierung vum Niewesaz mat *well*¹¹ (eventuell nëmmen als hallwe Saz)

*Firwat wunns du an der Stad? - Well et praktesch ass, well et flott ass,
Mir wunne gär do, well et*

D Textzorten

Gespréich, Dialog, Monolog, Bréif, E-Mail, Film, Steckbréif, Prospekt, Katalog, Zeitung, Internet, Reklamm, Flyer, Annonce

¹¹ Am alldeegleche Sproochgebrauch loosse d'Leit d'Konjunctioun *well* oft ewech. Mä hei soll se derzou déngen, lues a lues en Automatismem fir déi Sazstruktur anzeféieren, ze trainéieren an ze festegen. Dofir soll een hei keng komplizéiert Erklärungen fuerderen, mä éischer automatesch Äntwerten trainéieren, z.B. mat stereotype Widderhuelungen.

4. Léierzil : En detailléierten Dagesoflaf op eng einfach Manéier beschreiwen

- Iwwer seng Gewunnechten am Alldag schwätzen
- En detailléierten Dagesoflaf beschreiwen (déi aldeeglech Aktivitéiten opzielen, doheem an op der Aarbecht, wou, wéini a mat wíem)
- Beschreiwen, wat een op der Aarbecht mécht
- Den Alldag plangen
- Iwwert d'Fräizäit schwätzen (owes, de Weekend)
- D'Fräizäit plangen

A Méiglech Situatiounen

Iwwer seng Moiesroutine schwätzen.	(MA/HV)
E Stonneplang mat den Dagesaktivitéiten opstellen.	(SA/MA/HV)
E Wocheplang opstellen.	(SA/MA/HV)
Als Grondlag fir eng Reunioun d'Aarbechte vum Dag opschreiwen a virdroen.	(SA/MA)
Engem neien Aarbechtskolleg erklären, wéi den Dag ofleeft.	(MA/HV)
Op der Aarbecht en Aarbechtsplang fir déi nächst Deeg opstellen.	(SA)
E Rendez-vous mat Kollegen ausmaachen a Virschléi maachen.	(MA/HV)
En Interview iwwert de Leit hir Gewunnechte maachen (wéini ...).	(SA/MA/HV).
An enger Brochure oder Invitatioun den Dagesprogramm verstoen.	(LV)
Kuerz iwwert den nächste Weekend schwätzen. ¹²	(MA/HV)
Engem Kolleg erzielen, wat een op engem fräien Nomëtteg normalerweis mécht.	(MA/HV)
An engem Gespréich erzielen, wat een de leschte Weekend gemaach huet.	(MA/HV)
Op engem gemeinsamen Owend mat Frënn erzielen, wat een de ganzen Dag gemaach huet.	(MA/HV)
An engem Gespréich engem Bekannten erklären, firwat een e Cours mécht.	(MA/HV)

B Lexique

Alldeeglech Aktivitéiten
(doheem, de Stot maachen, Auswiel vun Aktivitéiten op der Aarbecht)
Fräizäitaktivitéiten an Hobbyen
D'Meteo
D'Moolzechten
D'Auerzäit widderhuelen an erweideren
Textstruktur: d'Chronologie oder d'Prioritéite festleeën: *fir d'éischt, dann, duerno*
Zäitadverben: *schonn, eréischt*
Adverbe vun der Heefegkeet: *all Dag, ëmmer, dacks ...*

¹² vgl 6. Léierzil, *Seng Projeten an hir Organisatioun ...*

C Grammaire

Trennbar Verben

Reflexiv Verben

Satzbau an Inversioun mat engem Zäitpunkt: *muer, d'nächst Woch, e Méindeg ...*

Onregelméisseg Formen vun den Haaptverben am Présent

De Présent Progressif: Hien ass *am Gaang ze ...*

De Passé Composé vun den heefegste Verben (ech *hu gemaach, geschafft, ech si gaangen ...*)

Imparfait vu *sinn* an *hunn*

Personalpronomen am Dativ: mat *wiem?* – mat *him, hir, ...*

Possessivpronomen (cf. A2.2 Erliefnesser, Evenementer)

Widderhuelung: Präpositiounen: den Dativ no: *mat, vun, aus*

z.B.: *mat wiem?* - *mat meng-em, -er, -en* (evt. *deng, seng...*) je no Kapazität vun der Klass

Wiesselpräpositiounen:

wuer (wouhinner): Akkusativ no engem Direktiounsverb

Froe stellen:

Wéini...?

Wéi dacks/oft ...?

Aféierung vun der Konjunctioun "wann"

Wéini *lies du d'Zeitung, ... , ?* –

1. *nom Iessen*

2. **Wann** *ech Zäit hunn. Wann ech heem kommen.*

D Textzorten

Agenda, Broschür, Flyer, Annonce, Plakat, Reklamm, Gespräch, Telefongespräch, Dialog, Bréif, Invitatioun, E-Mail

5. Léierzil : Mat einfache Wierder iwwer seng Gesondheet schwätzen

- Méi detailléiert iwwert de Kierper schwätzen
- Iwwert d'Gesondheet schwätzen
- Iwwer Krankheete schwätzen (Symptomer beschreiwen)
- Instruktioune beim Dokter verstoen
- Rotschléi ginn an e Rot froen (gesond liewen, gesond ginn, gesond iessen ...)
- Op Rotschléi oder Propositione reagéieren (positiv/ negativ/ Merci soen)

A Méiglech Situatiounen

E Rendez-vous bei engem Dokter huelen.	(MA/HV)
Beim Dokter seng Symptomer beschreiwen. (wat wéi deet, wou a wéini et wéi deet, wann ech ...)	(MA/HV)
Rotschléi ginn, wat ee maache soll, wann een ... (de Réck wéi huet ...)	(MA/HV/SA/ LV)
Engem Frënd erklären, firwat ee regelméisseg Sport mécht.	(MA/HV)
Den Dokter verstoen, wann hien erklärt, wéi ee seng Medikamenter anhuele muss.	(MA/HV)
An enger Zeitung Rotschléi fir d'Gesondheet verstoen.	(LV)
Engem Bekannten, deen ofhuele wëll, Rotschléi ginn.	(MA/HV)
An enger Radioemissioun/Téleemissioun Rotschléi fir e gesond Liewe verstoen.	(HV)
An enger E-Mail eng Invitatioun wéinst enger Gripp ofsoen.	(SA)
Kleng Bréif iwwer seng aktuell Liewensëmstänn schreiwen.	(SA)
Telefonéiere fir sech z'entschëllegen.	(MA/HV)
Uruff beim 112.	(MA/HV)

B Lexique

D'Kierperdeeler an e puer wichteg Organer
Gesond iessen a liewen (Sport, Bewegung, etc. ...)
Heefeg Krankheeten an hir Symptomer (ech *hu wéi, et ass mir schlecht, houschten, erkaalt sinn, ...asw.*)
Medikamenter an Therapie (*areiwien, sprétzen, verbannen, ...*)
Medizinesch Hëllefsmëttelen (*Plooschter, Verband ...*)
Fir d'Posologie: Widderhuelung: *ee Mol den Dag, zwee Mol d'Woch, virum Iessen, nom Iessen,*
Wéini, wéi dacks: éischter, dréngend
Verben: *falen, ausrutschen, arennen, brieche asw. ...*

C Grammaire

Passé Composé vun den heefegste Verben (*sinn ausgerutscht, hu gebrach asw. ...*)

Sazbau bei Modalverben: *sollen, kënnen, WH.: d'äerfen, mussen*

Du solls manner fëmmen.

Du muss bei den Dokter goen.

Ech géif/géing bei den Dokter goen. (ouni de Conditionnel ze thematiséieren)

Widderhuelung (oder Aféierung) vum Niewesaz mat "wann" a "well" ¹³

Ech gi bei den Dokter, wann....

Ech huele Medikamenter, well ... ¹⁴

D Textzorten

Artikel, Reklamm, Suergerubrik an enger Zeitung, Emissioun, kuerze Reportage op der Tëlee oder um Radio, Prospekt, Uweisung, Gespréich, Telefongespréich, E-Mail

¹³ Léierziler 2 a 4

¹⁴ Hei brauch een nach net den Niewesaz um Ufank vum Saz ze trainéieren. Et geet virun allem drëm, de korrekte Gebrauch vum konjugéierte Verb um Schluss vum Wann-Saz /Well-Saz ze festegen.

6. Léierzil : Seng Projeten an hir Organisatioun op eng einfach Manéier beschreiwen oder erklären

- Den Oflaf vun engem Ausfluch plangen, beschreiwen
- Eng (länger) Aktivitéit plangen
- Virschléi maachen an drop reagéieren, Alternative proposéieren
- Kuerz erklären, firwat een eppes maache wëll / net maache wëll
- Seng Projeten kuerz explizéieren (wéi, wou, wéini, wat?)
- Iwwer seng Zukunftspläng schwätzen, eng Intentioun, e Wëllen ausdrécken (soen, wat ee virhuet, wourop ee Loscht huet)
- Méiglechkeeten ausdrécken
- Ëm Hëllef bieden / Hëllef ubidden

A Méiglech Situatiounen

Projete fir e Weekend, en Ausfluch oder eng Rees maachen.

- iwwer méiglech Destinatiounen diskutéieren,
- eng Destinatioun proposéieren (Stad, Mier, Bierger),
- op Virschléi agoen.

(MA/HV/LV/SA)

Diskussioun mat Frënn, wuer/wouhin Dir gär an d'Vakanz fuert.

(MA/HV)

An engem Touristebüro nofroen, wou e Musée ass /wéi d'Éffnungszäite
vun engem Musée sinn/ wou een de Kinosprogramm gewuer gëtt.

(MA/HV/LV)

Informatiounen am Internet sichen.

(LV/SA)

Am Gespréich mat Frënn iwwert déi fir de Weekend geplangten Aktivitéite schwätzen.

(MA/HV)

En Dësch, en Hotel reservéieren (iwwert Telefon, per E-Mail)

(MA/HV/LV/SA)

Fester plangen a Virschléi maachen.

(MA/HV/LV/SA)

E Menu plangen, en Akafsziedel / eng Bestellung maachen.

(MA/HV/LV/SA)

Leit invitéieren.

(MA/HV/LV/SA)

Eng Invitatioun fir d'Aweiung vun enger neier Wunneng schreiwen

(MA/HV/LV/SA)

E Rendez-vous ausmaachen.

(MA/HV/LV/SA)

Eng Invitatioun fir e Gebuertsdag schreiwen, unhuelen , sech entschëllegen.

(MA/HV/LV/SA)

B Lexique

Tourismus, Vakanz, Reesbüro, Hotel,

Lexique vun den Transportmëttel erweideren

Geographie Lëtzebuerg, Éislek, Guttland, Lëtzebuerger Schwäiz asw.

Fräizäitaktivitéiten ausbauen

Fakultativ: *fannen, mengen*¹⁵ ()

¹⁵ kombinéierbar mam 7. Léierzil *Seng Virleiften a seng Meenung op eng einfach Manéier ausdrécken*

C Grammaire

Temporaladverben: *fir d'éischt, dann, duerno, zum Schluss...*

Widderhuelung: *W-Froen*

Modalverben: *kënnen, wëllen, sollen, müssen*

Conditionnel: *nëmmen ech géing gär / ech géif gär + Verb*

(ouni explizit Erklärungen iwwert de Conditionnel)

Imperativ: 1. Pers. Pl. *Komm, mir ginn op ..., fueren op*

Lokaladverben: *heihin(ner)/hier an dohin(ner)/duer*

D Textzorten

Telefongespréich, Diskussioun, Dialog, Broschür, Katalog, Bréif, Invitatioun,
Gespréich, Websäit, E-Mail, Uso um Telefon

7. Léierzil : seng Virléiften a seng Meenung op eng einfach Manéier ausdrécken

An dësem Léierzil ginn d'Themen an de Vocabulaire vum A2 nach eng Kéier gefestegt an erweidert. Den Enseignant/d'-e ka selwer entscheiden, ob hien/si d'Meenungsäusserung schonn éischer an seng/ hir Coursen integréiere wëll.

- Iwwer seng Interesse schwätzen
- Seng Lieblingsbeschäftigungen/Hobbie beschreiwen
- Unhuelen, zoustëmmen
- Ofleenen, refuséieren
- Ofsoen
- Luewen
- Kritiséieren
- Saache matenee vergläichen
- Virléiften a Sympathie, Ofneigung oder Mëssfallen ausdrécken
- op eng einfach Manéier iwwer seng Gefiller schwätzen

A Méiglech Situatiounen

Op e Faire-Part/eng Matdeelung reagéieren.	(LV/MA/SA)
Eng Invitatioun op eng Feier unhuelen / - ofleenen.	(LV/MA/SA)
Seng Freed iwwer e Cadeau ausdrécken.	(MA/SA)
Eng aner Persoun ëm Hëllef bidden.	(MA/SA/HV/LV)
Eng Persoun no hirer Meenung froen.	(MA/SA)
Soen, wat een am léifsten ësst (moies, mëttes, owes).	(MA/HV)
Am Restaurant d'Esse kommentéieren.	(MA/HV)
Mat engem Member vun der Klass iwwer seng Virléiften an Aversioune schwätzen.	(MA/HV)
An engem Internetchat säin Hobby virstellen.	(SA)
An enger Diskussioun seng Meenung zu engem Schauspiller, Sänger, Film etc. soen a begrënnen.	(MA/HV)
Säi Lieblingsfilm, -schauspiller beschreiwen.	(MA/HV)
Mat enger Frëndin driwwer schwätzen, wou een am léifste seng Kommissioun mécht.	(MA/HV)
An engem Gespréich begrënnen, firwat een (net) gär an d'Vakanz a Spuenien fiert.	(MA/HV)

B Lexique

Verbe fir Virléiften, Sympathie an Aversioune auszedrécken: (och am Zesammenhang mat kënnen)

een/eppes gär hunn, léiwer hunn, net leide kënnen, net ausstoen, net verdroen, haassen,

engem gefalen (et gefällt mir), engem goen: "blo geet mir(net)",

(als Vocabulaire: ouni explizit Erklärung zum Dativ)

Lexique vum Iessen erweideren, vun de Kleeder widderhuelen an erweideren, vun de Fräizäitbeschäftegungen ergänzen

Gefiller:

Léift, Freed, Spaass, Sympathie, Zefriddenheet, Angscht, Roserei,

Degout, Ofleenung, Nervositéit, ...

ech hunn Angscht virun...,

ech freeë mech op ..., ... ech si frou iwwer ... ,

Eng Meenung ausdrécken: *ech fannen dat gutt, ... flott*

Eng Ongewëssheet ausdrécken: *ech mengen, ... vläicht ...,*

Fir eng Intensitéit auszdrécken: *ganz, guer net, absolut net (gär)*

C Grammaire

Komparativ a Superlativ mat engem Verb.

Ech kache gär, mee ech gi léiwer eraus iessen, ech ginn am léifste bei den Italiener

Komparativ mat engem Adjektiv:

méi grouss wéi,

manner ... wéi,

esou ... wéi,

Exklamatiounen:

(Wat) eng gutt Iddi! (Wat) e gudden ...,

wat e léiwen ... , wéi schéin! ...

D Textzorten

Gespréich, kleng Presentatioun (Referat), Chat, Menuskaart, Televisiouns- a Kinosprogramm, Artikel

8. Léierzil : Einfach Informatiounen iwwer Evenementer a perséinlech Erliednesser ginn a verstoen

- Iwwert de leschte Weekend schwätzen
- Vu senger Famill fréier an haut erzielen
- Iwwer seng Liewensëmstänn - fréier an haut - schwätzen
- Kuerz iwwer wichteg Etappen a sengem Liewe schwätzen (Schoul, Famill, Aarbecht)
- Kann a kloer an däitlech geschwaten Toundokumenter Informatiounen iwwer aldeeglech Evenementer verstoen an drop reagéieren.
- Vun engem Erliednes (Ausfluch, Vakanz) erzielen (positiv an negativ Erfahrungsungen)

A Méiglech Situatiounen

Vu sengem Lieblingsproff, -fach erzielen.	(MA/HV)
Vun engem Schoulfrënd /enger Schoulfrëndin erzielen.	(MA/HV)
Iwwer eng Prüfungssituatioun schwätzen, un déi een sech gutt erënnert.	(MA/HV)
Erënnungen u seng éischt Aarbechtsplaz.	(MA/HV/LV/SA)
Iwwer seng Grousseltere schwätzen.	(MA/HV)
An engem Mail iwwer seng Liewesëmstänn hei zu Lëtzebuerg schreiwen.	(LV/SA)
Kuerz aus sengem Liewen a sengem Heemechtsland erzielen.	(MA/SA)
Déi wichtegst Fakten an enger einfacher Presentatioun verstoen.	(HV/LV)
An enger Sendung iwwer en aldeeglecht Thema mat Hëllef vun de <u>Biller d'Haaptiddie</u> verstoen.	(MA/HV)
Erzielen, wat an der leschter Vakanz gutt oder manner gutt gelaf ass.	(MA/HV)

B Lexique

Widderhuelung: Famill, Formatioun, Aarbecht, Gefiller
Widderhuelung: Joreszuelen, *nonzénghonnert...*
Widderhuelung: Ordinalzuelen. *den éischten Dag, den zweeten ...*
Alldagsaktivitéiten a Fräizäitaktivitéiten erweideren: Sport, Reesen asw.
Liewensetappen (Kandheet, Jugend, Alter)
Meteo präziséieren
Landschaftsformen
Vakanz (Tourismus: am Hotel, op der Plage, ...)

C Grammaire

Erweiderung vum Passé Composé mat *hunn a sinn*
Imparfait vun de Modalverben: *kënnen, wëllen*
Inversioun widderhuelen (*Mat 18 Joer sinn ech...*)
Aféierung vun den Niewesätz mat *wéi*:
Wéi ech kleng war, ...wéi ech op L. koum, ... (fir Däitsch: „als“)

Widderhuelung: Dativ (fir eng Positioun: wou?)

Widderhuelung: Personalpronomen am Dativ no: *mat*, *vun*, *aus*, *no*, ...

D Textzorten

Dialog, Gespréich, Diskussioun, E-Mail, Bréif, Websäit, Zeitung, Toundokument, kuerzen, einfache perséinleche Bréif, Interview, Curriculum, Prospekt, Flyer

9. Léierzil : Einfach Instruktiounen ginn, Verbueter ausschwätzen a verstoen¹⁶

- A) am private Beräich
- B) am öffentleche Beräich

- An aldeegleche Situatiounen einfach Uweisung ginn
- Regele formuléieren an drop reagéieren
- En Uerder ginn oder eppes verbidden
- Schëlde verstoen an erkläre kënnen
- Instruktiounen ginn/ëmsetzen
- E Wee erkläre an eng Weebeschreibung verstoen

A Méiglech Situatiounen

Sengem Partner eng Notiz schreiwen, wat e maache soll an drop äntweren.	SA/LV
Klasseregelen opstellen.	MA/HV/SA/LV
Engem Matbewunner d'Hausregelen erkläre	MA/HV
D'Hausuerdnung (an engem Sportveräin, Clubhaus ...) verstoen /opsetzen .	LV/HV/MA/SA
Um Bancomat/Minicash/CCP Connect d'Instruktiounen verstoen.	LV
De Kanner Uweisung ginn (am Haus, an der Schwämm, op der Spillplaz, ...)	MA
Engem Kand soen, wat et maachen soll/ wat et net däerf.	MA
Enger Frëndin erkläre, wat Är Kanner doheem däerfen a wat net.	MA/HV
Engem Tourist erkläre, wéi een am beschte bei de Palais/op d'Gare ... kënt.	MA
Einfach Instruktiounen am Turnen verstoen.	HV

B Lexique

Verbe fir Uweisungen ze ginn:

drécken, zéien, setzen, stellen, leeën, aginn, umachen, aus-, op-, zou-,...

Bewegungsverben: (*sech*) *setzen, (sech) stellen, (sech) leeën, (sech) riicht halen,*

dréien, zéien, béien, strecken, hiewen, ...

Weebeschreibung:

- Richtungsadverben: *riichtaus, no riets, erop-, erof-, eraus-, eran+Verb*

- elementar Wieder aus dem Verkéier: *Kräzunge, rout Luucht, Autobunn, Stau, Schëlde*

C Grammaire

Widderhuelung: all Modalverben, speziell: *mussen, (net) däerfen, sollen*

Imperativ

Verbe mam Akkusativ: wuer / wouhinner? z.B. *setzen, stellen, leeën*

De Gebrauch vum onperséinleche Pronomen *een*

¹⁶ Den Enseignant brauch déi verschidden Elementer vun dësem Léierzil net onbedéngt chronologesch ze behandelen. Si kënnen ouni Weideres schonn an aner Léierziler integréiert ginn.

D Textzorten

Dialog, Diskussioun, E-Mail, Bréif, SMS, Text op der Tëlee, Schëld, Affiche, Websäit